**KANNERGEMENGEROT 2009/2010**

**Bericht vun der 8. Versammlung vum 19. Juni 2010**

**Berichterstatterinnen: Svenia a Sidney**

**Et ware präsent:**

*School Butschebuerg:* ***Bianca** Hort, **Julie** Mathias*
*School Brill:* ***Fabienne** Thiry, **Neil** Klein**, Tom** Gerend*
*School Deich:* ***Svenia** Gambini*
*School Gaffelt:* ***Sidney** van Kaufenbergh, **Leslie** Furtado Pereira, **Léo** Waldbillig Rebien*
*School Ribeschpont:* ***Chiara** Orlando, **Camal** Tahireddine*
*School Strutzbierg:* ***Loïc** Steffen*
*Waldschoul :* ***Gianni** Manzella, **Denis** Schintgen*

**Et hate sech entschëllegt:** Jana Polidori , Yannick Haas (nodréiglech)
**Et hu gefeelt :** Louis Wandivinit a Fabio Sepulveda Almeida

**Inviteeën**: TUYS: Tun Biever, Kay Gianni, Sam Tritz

**Moderatiounsteam:** Jill Aniset, Josy Castellano, Monique Heinen

1. **Bestëmmung vun engem Berichterstatter**

   D'Svenia an d'Sidney melle sech fräiwëlleg

2. **Bericht vum Mee**

   De Bericht gëtt ugeholl.

3. **Bericht Kannerwee**

   D'Fabienne erzielt wéi et war.

4. **Bericht Entrevue mam Schäffen**

   D'Kantinnsëmfro ass ofginn. Den 10. Juli ass lescht Versammlung mat Pizzaiessen; 4 Ersatze gi mat. Et ass iwert Schoulhäff geschwat ginn an iwert BEST OF 2010. D'Kirmesleit si net um Parking vum Barozzi.

5. **Best of 2010**

- **TUYS** stellt sech sellwer vir. Si maache Rock-Pop Musik. Si kommen em 13.00 Auer fir opzeriichten. Si iwwerreechen d'Präiser vun den Turnéieren (2 Pokaler, 1 Fingerboard). Technesch Detailer musse nach geklärt ginn. Den Tun bréngt Musik mat fir während den Turnéieren lafen ze loossen.
- **Opriichten:** D'Kanner kommen em 13.00 Auer fir opzeriichten. Verschidde Kanner brénge Schëlder mat (Poker, Fingerboard → Bianca, Floumaart + Panini → Fabienne)
- **Umelldungsziedel Handball, Fussball, Fingerboard:** fir de Fingerboard kann een sech op der Plaz umellen, de Neil bréngt Fingerboarde mat. De Strutzbierg huet vleit nach eng Handballequipp. Et feele nach Traineren an der Gaffelt , um Strutzbierg an am Brill.
- **Iessen an Drénken , Bongen.** Den F91 verkeeft Gedrénks, Fritten a Glassen. Jiddereen deen eppes matmécht kritt 3 Bongen (1 Gedrénks, 1 Iessen an 1 Glass). D'Nimm ginn opgeschriwen. D'Jana hëlleft bei de Bongen. D'Gemeng stellt eng Drénkwaasserbar dohinn.
- **Flyer**: gëtt an de Schoulen ausgedeelt
- **Reglementer** gi virgestallt . 3 Kanner si fir eng Abseitsregel, 9 dogéint.
- **Rampen fir Fingerboard**: kréie mir vum Jugenhaus geléint, d'Monique mécht den Transport.
- **Poker**: den Denis brént Chipen a Kaarte mat. Den Dealer gëtt an der Ronn bestëmmt.
- **Floumaart:** gëtt bei der Entrée opgeriit. Et kann een och Panini-Sticker tauschen oder verkafen.
- **Spiller:** brénge mir den 3. Juli mat op der Barozzi. Den Tom freet de Rafael Junior fir d'Waasserpistoulen.
- **Schiedsrichter**: Wann een e Schiedsrichter weess fir Fussball oder Handball, dem Monique uruffen.

6. **Datum fir déi nächst Versammlung:**

Déi nächst Versammlung ass den 10. Juli em 11.00 Auer, duerno Pizzaiessen am MammaMia, d'Ersatzen Camal, Rafael Junior, Ben a Kany ginn och invitéiert